



De Familljeministère, deen huet duerch d'Agrémentsreglement d'Gestionnaires am Aleberäich derzou verflücht, dass mindestens 40% vum Personal eng Sensibiliséierungsformatioun maachen. An de Ministère, deen huet déi verschidde Gestionnaires an hire Formatiounspläng ënnerstëtzt, andeems hien eng Konvention mat Omega 90 ënnerschriwwen huet an och mat verschiddene Gestionnaire wéi zum Beispill Hëllef Doheem, Help, Servior, Claire, Zitha Senior an esou weider. Déi bidden all eng eege Formatioun un.

Op déi Aart a Weis hu vun 2009 bis 2014 3.100 Persounen, déi am ausserklinische Beräich schaffen, eng Sensibiliséierungsformatioun gemaach. 166 hunn och nach eng weider Formatioun gemaach, eng Formation d'approfondissement, fir ebe kënnen Leit ze betriebe bei sech.

Et ass wichteg, dass de Patient natierlech am Mëttelpunkt steet an dass och seng Wënsch, och um Enn vum Liewen, natierlech respektéiert ginn, an all Richtung, esou wéi dat och hei scho gesot ginn ass.

An ech mengen, fir dat ze maachen, muss ee kucken, dass d'Péng esou kleng wéi méiglech bleift, a wa méiglech keng Péng ze hunn. Et muss ee sech awer och, an dat huet d'Gesondheitsministesch grad och gesot, et muss ee sech och ëm d'Famill këmmern. Dat ass ganz wichteg, dass ee sech net nëmmen ëm de Patient këmmert, mä och ëm déi Leit ronderëm.

A wa mer da vun den Alters- a Fleegeheimer schwätzen, da muss een natierlech och mat a Betrecht zéien, dass ee sech och ëm d'Nopere muss këmmern, ëm d'Zëmmeroperen an dorëms, wéi et hinne geet, nodeems dann hiren Noper vum Zëmmer oder hire Kolleg vum Dësch gestuerwen ass.

Et muss een natierlech Hand an Hand schaffen: Nieft dem Personal am Soins-Beräich, natierlech den Dokteren, Infirmieren, Aide-soignanten an esou weider, brauch een och aner Leit, fir sech ëm déi Persoun en fin de vie ze këmmern, Ergotherapeuten zum Beispill, fir sech ëm de Bien-être ze këmmern. Och um Enn vum Liewe muss d'Qualité de vie natierlech ganz héich bleiwen. Da brauch een natierlech Kinéen. D'Autonomie soll esou laang wéi méiglech behale ginn. Et brauch ee Psychologen, virun allem fir d'Ëmfeld vun de Leit, Diététicien an Educateurs, virun allem hei am Demenzberäich, wou een Educateur brauch, wou och bis zum Schluss Aktivitéite solle gemaach ginn an och gemaach ginn.

A Frankräich ass eng vun deene wichtigste Revendicatiounen, eng Präsenz 24 Stonnen op 24 vun enger Infirmière ze hunn, fir eben och esou onnéideg Spidolsopenthalter um Enn vum Liewe kënnen ze verhënnern. Zu Lëtzebuerg gëtt de Personalschlüssel vun den Institutiounen am Senioreberäich iwwert d'Agrémentsreglement geregelt. D'Reglement gesäit vir, dass 24 Stonnen op 24 en Infirmier oder eng Infirmière am Altersheem, also am CIPA, oder an der Maison de soins, am Fleegeheem, muss sinn.

Doraus kann een da schléissen, dass Lëtzebuerg sech déi néideg Mëttel ginn huet, fir dass genuch qualifizéiert Personal do ass, wat sech ëm d'Palliativflegepatienten ka këmmern. Esou kënnen d'Leit an den Institutiounen vum long Séjour bleiwen, an onnéideg Hospitalisatiounen, déi de Bénéficiairen näischt bréngen, kënnen esou verhënnert ginn. An dat ass jo och e bësselchen de But vun der Saach.

Ech mengen, dass et hei wichteg ass, wéi d'Gesondheitsministesch grad gesot huet, dass mer och weider kucken, fir ons all d'Moyenen ze ginn, fir dass d'Fin de vie esou agréabel wéi méiglech gëtt, virun allem fir deen, dee stierft, mä och fir säin Entourage. Et ass wichteg och, dass mer ons do Moyene ginn, fir dass mer och extern Experte kënnen mat derbäihuelen, fir dat nach besser ze maachen an Zukunft. Et ass ganz wichteg, dass dat Thema enttabuiséiert gëtt. Et ass wichteg, dass ee kann oppen driwwer schwätzen, well eent ass sécher, mengen ech: Mir wäerten alleguer eng Kéier stierwen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Corinne Cahen. A mir wärend domat um Enn vun eiser Orientéierungsdebatt iwwert d'Palliativmedezinn an d'Euthanasie ukomm.

Mir géifen dann zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen. Do handelt et sech ëm de Projet 6852 iwwert de Kaf vu Capacitéite fir Kommunikatiounen iwwer Satellitt am Kader vum AGS-Programm vun der NATO. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Marc Angel.

#### 4. 6852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir des capacités de communications satellitaires au profit du programme «Alliance Ground Surveillance» (AGS) de l'OTAN

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi geet et drëms, d'Regierung ze autoriséieren, fir Satellit-tecapacitéit ze kafe fir den AGS-Programm vun der NATO. AGS steet fir „Alliance Ground Surveillance“. Et geet also ëm eng Surveillance terrestre.

De Programm AGS gouf am Abrëll 2012 an d'Liewe geruff, wéi d'Décisioun vun der NATO geholl gouf, fir sech fënnf UAVen ze kafen, „unmanned aerial vehicles“, awer och Drone genannt. De Kaf vun dëse fënnf net arméierten Observatiounsdrone gëtt vu 15 NATO-Länner finanziert.

D'Quote-part vu Lëtzebuerg, wat d'Finanzéierung vun der Entwécklung an och de Kaf vun dësen Observatiounsdrone ugeet, läit bei 0,26%. Dat si 4.043.497 Euro fir d'Period 2012 bis 2016.

An deene leschte Joren an der zoustänneger Kommissioun, wa mer de Budget vun der Défense analyséiert hu wéi all Joers, hu mer dës Informatiounen och scho kritt. Den AGS-Programm an déi Lëtzebuerger finanziell Participatioun sinn also näischt Neies.

Nei ass elo, dass mat dësem Projet de loi vun haut Lëtzebuerg dem AGS-Programm vun der NATO während zéng Joer Satellitcapacitéiten zur Verfügung stellt fir e maximale Montant vun 120 Milliounen Euro. Heimat gëtt d'Regierung och hirem Engagement gerecht, dat Engagement, dat se um leschten NATO-Sommet zu Newport a Wales geholl huet, wou mer jo och gesot hunn, dass mer eisen Effort de défense vun 0,4% bis op 0,6% bis zum Enn vun dësem Jorzéngt erophiewen.

D'Zil bei där Erophiewung ass et, esou wäit wéi et méiglech ass och op d'Capacitéite vun onser Ekonomie zrëckzegräifen, fir dass mer och e Retour économique fir onst Land kréien. Bei dësem Projet ass et genau wéi bei deem vun der Kreatioun vu GovSat, dee mer hei virun e puer Méint ofgestëmmt hunn, do si mer am Beräich vun de Satelliten. An Dir wësst, dass dat e Beräich ass, wou Lëtzebuerg jo e gewëssenen Know-how huet, wou mer eng Firma hei hunn, déi World leader ass. Ech brauch lech also do keng Zeechnung ze maachen.

Ech wollt lech e puer zousätzlech Erklärungen ginn iwwert den AGS-Programm. Wat oft gesot gëtt, et ass „eyes on the ground“ als Pendant zu „eyes in the air“, wat d'AWACSe sinn, déi eng Observatioun an der Loft maachen an den Himmel bewaachen. Esou soll an der Zukunft duerch den AGS eng Surveillance vun Truppenanöver, vu Grenzgebiddern, Krisengebiddern gemaach ginn. Wann ech Krisengebiddern soen, da bezitt dat sech natierlech, an zum Gléck, net nëmmen op militäreschen Krisen a Konflikter, mä och op humanitär Krisen a Krisen, déi duerch Naturkatastrophe verursaacht kënnen sinn.

Den operationelle Lancement vum AGS-Programm ass fir déi zweet Halschent vum Joer 2016 virgesinn. Mir hate den 23. November dëse Projet de loi an der Chamberskommissioun analyséiert an diskutéiert. Mir sinn do och nach gewuer ginn, dass zwar nëmme 15 Länner sech finanziell bei der Acquisitioun vun der Drone bedeelegt hunn - ech hunn déi Länner och opgezielt am schrëftleche Rapport -, mä déi Dronen, wa se geliwwert ginn, gi Propriétéit vun der NATO, an dass dann déi 28 Memberstate vun der NATO natierlech iwwert de Gebrauch vun dësen Dronen zesummen decidéieren. Déi Décisioun ginn am NAC, am North Atlantic Council zu Bréissel geholl, an do ass all Land vertrueden an déi Décisioun ginn unanime geholl.

Och kouw d'Fro an der Kommissioun op, wou déi Dronen immatrikuléiert a stationéiert ginn. Immatrikuléiert ginn déi net arméiert Observatiounsdrone an Italien, well se och do stationéiert sinn, a genau op der Insel Sizilien, op der Militärbasis vu Sigonella.

Och d'Fro vun der Responsabilitéit gouf an der Kommissioun ugeschwat. Am Fall vun engem Accident zielen d'Dispositiounen an d'Modalitéite vum Protocole de Paris vun 1952. Deen heescht offiziell «Protocole sur le statut des quartiers généraux militaires internationaux créés en vertu du Traité de l'Atlantique Nord».

Ech wollt dem Minister vun der Défense an all senger Mataarbechter an och de Vertrieeder vun der Arméi, déi an der Kommissioun präsent waren an ons all Erklärungen ginn hunn, villmools Merci soe fir hiren Input an eiser Aarbecht.

Zum Ofschloss wëll ech awer nach eng Kéier drun erënneren, dass beim Vott vun haut mer net driwwer ofstëmme, ob déi Drone solle kaaft ginn oder net, dorëms geet et net. Et geet hei, wéi ech genau virun erklärt hunn, ëm d'Acquisitioun vu Satellitcapacitéit, déi mer der NATO zur Verfügung stelle fir zéng Joer, an e Maximumbetrag vun 120 Milliounen Euro.

Als Spriecher vun der Sozialistescher Partei wëll ech hei awer nach eppes ënnersträichen: Esou wéi mer den AGS-Projet, wéi en haut virläit, am Kader vun eise NATO-Engagement ënnerstëtzen, esou däreftlech schwätze mer eis awer och -genau iwwerens wéi eng ganz Rëtsch aner europäesch Länner - géint eng eventuell massiv Oprüstung vun der NATO aus. Och wann d'international Sécherheetslag aktuell verhältnisméisseg ugespaant ass, esou si mer als LSAP der Meinung, dass een hei elo net däreft an eng künstlech Hysterie verfallen, verschiddene Stëmme net nogi soll an d'NATO net iwwert déi aktuell virgesinn Engagementer massiv oprüste soll.

Dat gesot, ginn ech och heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Angel. Nächste Riedner ass de Jean-Marie Halsdorf. Dir hutt d'Wuert, Här Halsdorf.

#### Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, de Projet de loi, dee mer haut stëmmen, läit jo wierklech an der Kontinuitéit vun der Lëtzebuerger Verteidigungspolitik vun deene leschte Joren. Lëtzebuerg ass nämlech e klengt Land a muss sech - anescht wéi déi grouss Länner - spezialiséieren. Mir müssen Nische sichen. An dat hu mer och an de leschte Jore gemaach an dat mécht den heitege Minister och.

Fir d'Éischt hate mer emol de Waasserbehandlungsberäich, do ware mer jo bei grousser Katastrophen oft um Terrain an de leschte Joren, am „demining“, dat heescht also Minnenentfernung, do si mer scho säit Joren an enger Missioun am Libanon, an enger UNO-Missioun, an och am ISR, Intelligence-Surveillance-Reconnaissance-Beräich, wou mer jo scho säit Joren am Kosovo amgaange sinn, och esou eng Missioun weiderzeféieren.

An och den AWACS-Programm, deen elo grad eise President, deem ech Merci soe fir säi gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport, de President vun der Kommissioun ugeschwat huet, den AWACS-Projet, wou d'Fligere jo de Loftraum iwwerwaachen, dat ass jo och en „eye in the sky“, wéi dat gesot gëtt. Also dat ass och eng Form vun ISR, wou mer deelhuele, an d'Fligere si jo hei zu Lëtzebuerg immatrikuléiert.

A schliisslech dann de Beräich, wou mer wierklech eng gudden Renommee hunn, dat ass de Satellitberäich. Hei hatte mer jo an de leschte Jore scho Projeten, wat d'Satelliten ugeet, an zwar dee Projet mam Numm „Melusina“, wou mer während Joren eisen Alliierten an der NATO Satellitcapacitéiten zur Verfügung gestallt hunn. An do hate mer eng Partnerschaft mat der SES vu Betzder.

An doraus ass jo och d'Iddi entstanen, ech wëllt dat nach eng Kéier kuerz rappeléieren, fir an dësem Beräich weider ze investéieren an op d'Lëtzebuerger Expertise zrëckzegräifen, wat och an dësem Projet de loi steet, dat heescht, Saachen ze maachen, déi eiser Ekonomie zeguttkommen. An do hu mer de GovSat-Projet dëst Joer nach hei an der Chamber gestëmmt, deen den Här Schneider, eise Minister, op seng Aart a Weis ëmgesat huet, wat eng gudd Saach ass.

A mat dësem Projet, am Fong geholl, gi jo och Satellitcapacitéiten zur Verfügung gestallt, an zwar 120 Milliounen iwwer zéng Joer maximum. Mir leien also an der Logik vun eise vergaangen Demarchen. Mir kënnen iwwert

dëst Geld eisen Effort de défense effektiv nohalte stabiliséieren an och stäerken. An dee läit jo de Moment bei 0,4%, wou mer Schlusslicht sinn an der NATO. Mä dëse soll jo dann eropgoen, wat och richteg ass a mengen Aen oder an eisen Aen, well mir ware schonn emol op 0,6% PIB.

Duerfir ënnerstëtze mir och dëse Projet de loi, deen an der Logik an an der Kontinuitéit läit vun der Décisioun, déi mer am Joer 2012 geholl hunn, an zwar dem AGS-Projet bäizetrieden. Wa mer deem bäitrieden, dann ass et jo evident, dass mer deen och versiche weiderzedreiwen, an duerfir wäerte mir och dann dëse Projet de loi hei stëmmen.

Ech hätt awer e puer Froen un den Här Minister, fir e puer Präzisierungen ze kréien am Sënn vun der Transparenz. Virewech emol, ech huelle un, dass de Problem, fir Dronen ze starten, dass dee geléist ass. Déi musse jo duerch de Loftraum vun den normale Fligere fléien, fir op hir Altitude de croisière ze kommen, déi iwwert där läit vun dem normale Fluchverkéier. An do gëtt et jo an Europa keng global Gesetzgebung an der EU. An Italien schéngt dat jo dann esou geregelt ze sinn, well mer ware jo och zu Sigonella virun e puer Wochen, an do hu mer jo och gesinn, wou déi Drone geparkt sinn.

Duerfir meng Fro un den Här Minister: Ass de Projet fonctiounsfäeg fir 2016? Dat setzt jo viru, dass de Problem mat dem Duerchquere vum Loftraum geléist ass.

Eng zweet Fro un den Här Minister: Ass et ausgeschloss, dass dës Drone kënnen arméiert ginn? Et steet dran effektiv, se sinn net arméiert. Mä kënnen se arméiert ginn, wéi et jo am Projet de loi steet? A kéinte bei Bedarf esouguer an extreme Fäll effektiv Dronen arméiert ginn - losse mer soen, déi 28 State wäeren d'accord -, ass dat iwwerhaupt méiglech? Oder ass dat guer net méiglech? Et géif mech interesséieren, dat gewuer ze ginn.

Eng drëtt Fro: Déi Capacité satellitaire, déi mir zur Verfügung stellen, wéi vill Prozent kënnen déi am ganze Projet ausmaachen? Oder anescht gefrot: Si mir déi eenzeg Anbieter vu Satellitcapacitéiten am AGS? Oder sinn och nach aner Länner an aner, loosse mer soen, aner Institutiounen, déi och kënnen Satelliten zur Verfügung stellen? Well wann dat esou wär, da wär et jo net sécher, dass all Joer géifen déi ganz Capacité verschafft ginn.

A schliisslech: Ass de Finanzement bei dësem Projet AGS „eye on the ground“ d'selwecht wéi beim AWACS-Projet „eye in the sky“? Do ass et jo esou, dass de Fonctionnement an d'Maintenance vun dem Dronesystem Global Hawk jo vun der NATO am Numm vun deenen 28 Partner gemaach ginn, déi jo dann unisono mussen d'accord si mat der Missioun. An duerfir: Wéi vill maachen déi ufalend Käschten dann nach aus, zu deene Käschten, déi mer hei hunn? Anescht ausgedréckt: Wat kascht eis de Projet AGS mat all senger Facetten? Dat wier och net schlecht, wa mer dat géife gesot kréien am Sënn vun der Transparenz.

An déi lescht Fro: Firwat hu sech net all d'Natiounen um Projet bedeelegt? Ech mengen, et sinn der just 15, déi matmaachen. An déi lescht, allerlescht Fro: Firwat sinn eis Benelux-Partner net derbäi?

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Halsdorf. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'NATO ass jo mat Sécherheet nach ëmmer e Garant fir Fridden a se huet och dozou bäigedroen, datt während deene 40 Joer, wou d'Period vum Kale Krich war, keen neie Weltkonflikt ausgebrach ass. Sécher huet d'Roll vun der NATO an deene leschte Jore geännert. An ech erënneren och drun, datt nom Zesummebroch vum Warschauer Pakt, dat war den 1. Juli 1991, se ouni Zweifel och nach u Bedeitung gewonnen huet.

Iwwerens, just hei tëschent Parenthèsen gesot, d'nächst Joer ass jo den NATO-Sommet den 8. an den 9. Juli 2016 grad zu Warschau, also 25 Joer nom Zesummebroch vum Warschauer Pakt. Do stécht also mat Sécherheet och eng gewësse Symbolik derhannert.

D'NATO huet natierlech an éischter Linn haut och Friddensasätz ze garantéieren. Och hei kann een e Lien maachen op hir Missioun an Afghanistan de Moment, wou jo u sech virgesinn ass, bis d'Joer 2020 ze bleiwen. Et gëtt och aner Geforen, déi sech leider ëmmer méi bemerkbar maachen. Ech schwätzen hei ganz







konkret natierlech och vum Terrorismus. Och do huet d'NATO ouni Zweifel eng gewësse Roll ze spillen. Ech erënneren hei un den Defence Against Terrorism Programme of Work, deem 2004 décidéiert gi war. An den Terrorismus, leider, ass méi aktuell wéi jee! Et brauch ee sech jo nëmmen nach eng Kéier un den 13. November zréckz'erënnere, wat zu Paräis geschitt ass!

Dowéinst erlaabt dee Projet de loi vun haut och, sech e puer Reflexiounen ze maachen iwwer eng méiglech Erweiderung vun der NATO. Ech referéiere mech hei op den Artikel 10 vum Traité vu Washington vun 1949, wou dat jo och festgehalen gi war. D'Wuesse vun der Verteidigungsgemeinschaft ass nach net eriwuer. Net méi spéit wéi de leschten 2. Dezember ass jo décidéiert ginn, fir mat Montenegro och Baitrëtsverhandlungen opzehuelen.

An et kann een och hei ënnersträichen, dass duerch e Baitrëtt an d'NATO och en Demokratisierungsprozess asetze kann. Dat hu mer erlieft am Joer 2003, wéi jo siwe Länner aus Zentral- an Osteuropa bäigetruede sinn, wat och mat Sécherheet dozou bäigedroen hat, dass wéi gesot, deem Demokratisierungsprozess an deene Länner beschleunegt ginn ass. Ech wëlt och nach drun erënneren, dass Lëtzebuerg iwwregens am viischte Peloton deemools war, fir déi Baitrëtter do guttzheeschchen.

Och wann d'NATO natierlech méi grouss ginn ass an och nach méi grouss gëtt, den Haaptobjektiv ass natierlech nach ëmmer am Artikel 5 erëmfannen, wou ganz kloer jo festgehalen gëtt, wann e Memberstat a Gefor geréit, dass natierlech em och dann Hëllef muss garantéiert ginn.

Gewosst ass natierlech och, dass d'USA nach wie vor dee stäerkste Partner an der NATO sinn. Duerfir stelle sech natierlech och eng Rei Froen, wat d'Zukunft vun der Europäescher Unioun ass, an ob och net do nach mussen zousätzlech Efforte gemaach ginn, zum Beispill: Wéi ass et mat den Artikelen 42 a 46 vum Traité vu Lissabon? Dat bedéngt natierlech och nach méi eng enk Zesummenaarbecht, virun allem vun deene grouse Länner. Ech schwätzen hei virun allem emol vu Frankräich a vun England, vun Däitschland aus bestëmmte Grënn manner.

Da muss een och drop hiweisen, dass jo schonn 2004 d'Euroforce geschaf gouf, allerdéngs ouni grouss Resultater bis elo. Eng gemeinsam EU-Verteidigungsstrategie, déi natierlech am Aklang mat de Missiounen vun der NATO stoe muss, ass jiddefalls e Sujet, deem eis och weiderhi sollt beschäftegen.

Wa mer vun europäescher Sécherheet schwätzen, da komme mer natierlech och net derlaanscht, fir iwwert d'Relatioun NATO-Russland ze diskutéieren. Ech wëlt do och drop hiweisen, dass et och en NATO-Russland-Rot gëtt, deem den 28. Mee 2002 zu Roum kreéiert gouf. An och dat, wéi gesot, ass e wesentlecht Instrument, wat een natierlech net kann ignoréieren.

Virun 10 bis 15 Joer hu Leit behaupt, och hei op der Tribün, dass déi gutt Zäit u sech vun der NATO eriwuer wier, an zwar d'NATO géif sech vun engem Militärbündnis éischter an e politesch Forum ëmorientéieren. Ech mengen, dass déi Prognose sech awer net erfëllt hunn. An eemol méi huet awer och gewisen, virun allem d'Ukrain-Kris, dass e staarkt westlecht Militärbündnis haut och nach ëmmer gebraucht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätze jo haut iwwert den AGS-System, deem u sech prinzipiell jo schonn 1992 décidéiert gi war. Deen huet eng Rei Aufgaben ze erfëllen, ech ginn elo net méi hei an den Detail an, mä ënner anerem eben och, wéi gesot, d'Lutte géint den Terrorismus. Dann natierlech och, fir eng Hëllef ze leeschten um Niveau vun der Flüchtlingkris.

Dee System erlaabt, wéi gesot, dann och, d'Situatioun um Terrain nach besser kënnen ze analyséieren an eben och dozou bäigedroen, dass Interventiounen kënnen gegebenenfalls méi effikass gestalt ginn. Opgrond vu budgetäre Contrainté war jo den AGS-System schonn 2007 ugepasst ginn an ass um Sommet vu Lissabon 2010 dunn definitiv zréckbehalen ginn. An de Schutz vun der Populatioun a Libyen am Joer 2011 huet u sech och bewisen, wéi wichteg dee System ass!

E schreift sech jo dann och an den ISR an, also de Renseignement, d'Surveillance an d'Reconnaissance vun der NATO. An och do muss ech ënnersträichen, dass eis Arméi jo besonnesch um Niveau vun der Reconnaissance gewësse

Kompetenzen huet. 2014, am Mee d'lescht Joer ass jo och dat Konzept an Norwegen scho getest ginn.

Ech wëlt dann och drop hiweisen, dass schonn de leschte 4. Juni déi fënnef Dronen, iwwert déi mer jo och haut hei diskutéieren, an der Fabréck zu San Diego u sech fäerdeggestallt goufen. Si kënnen bis zu 18.000 Meter héich fléien, mat 575 km an der Stonn, a kënnen och maximal 32 Stonnen an der Luucht bleiwen. Si sinn, dass ass jo hei schonn ënnerstrach ginn, oder ginn herno op der NATO-Basis Sigonella a Sizilien stockéiert. Mir hate jo zu e puer Kollegen d'Chance, elo rezent do déi Basis kënnen ze besichen.

Ech wëlt dann och hei erwänen, dass Frankräich mat hirem System „Heron-TP“, an England mam System „Sentinel“ déi fënnef Global Hawk nach mat speziellem Material équipéieren, wat natierlech dann och als Konklusioun huet oder als Konsequenz huet, dass déi zwee Länner sech mussen finanziell manner direkt um System bedeelegen.

Ech mengen, mir sinn eis och alleguer eens um Niveau vun der NATO, dass natierlech en héije Besoin u Kommunikatioun ouni Zweifel besteet. An dowéinst gi jo ëmmer erëm Appeller gemaach, fir op deem Niveau weider ze investéieren. D'Acquisitioun vum GovSat geet jo och ganz kloer an déi Richtung.

D'Dépensé vu maximal 120 Milliounen an enger Period vun zéng Joer gi jo iwwert de Fong vun de militäreschen Equipementer finanzéiert. Ech wëlt just emol drop hiweisen, an der Period vun 1997 bis 2001 hate mer just Ausgabe vu 15,5 Milliounen programméiert. Do gesäit een also schonn d'Envergure och vun deemem Projet.

Lëtzebuerg huet u sech zweeanehallelfmol méi en héije PIB wéi den Duerchschnitt vun de Membere vun der NATO. Mir sinn awer op där anerer Säit dee klengste Contributeur vun deem Verdeedegungsbündnis. An ech gi jo awer dovun aus, dass kee wëllt, dass mer op eemol de Bännumm als Parasitt kréien an där wichtiger Defensiv- oder Verteidigungsstruktur, soudatt et net méi wéi normal ass, dass mer Efforte maachen, dass mer, wéi gesot, eise Baitrag och do eropsetzen a bis d'Joer 2000 (veuillez lire: 2020) bis op 0,6%. Dann hu mer nach net onbedéngt e risige Progrès gemaach, mä et ass awer zumindest e kloert Zeechen an och vis-à-vis vun eise Partner aus der NATO gewisen, dass Lëtzebuerg et eescht mengt mat sengem Baitrag.

Vläicht och nach e Wuert iwwert d'Dronen u sech, wou jo hei och ëmmer d'Fro opgeworf gëtt, och mäi Virriedner huet dat gemaach, inwiefern dass se kéinte vläicht militäresch, respektiv dass se arméiert kéinte ginn, benotzt ginn. Et ass een natierlech net Spezialist an där Matière, fir kënnen eng definitiv Ausso ze maachen. Mä op där anerer Säit soll een awer och net esou naiv sinn an net mengen, dass och emol kéinte vläicht aner Situatiounen antrieden.

Ech wëlt och just drun erënneren, dass d'Dronen u sech awer eng laang Geschicht hunn, an zwar ass dat schonn aus dem Joer 1941, wou do ferngesteuert Drone scho benotzt goufen, dat waren d'Faïre III F-Fligere vun der Royal Air Force, déi deemools am Zweete Weltkrich schonn als Zildronen agesat goufen.

Et ass also och richtig, dass mir als Lëtzebuerg verstärkt op déi Investissementer setzen, well eben eng Retombée fir d'Lëtzebuurger Ekonomie och do erkennbar ass. Mir hunn nun ebe keng eege Rüstungsindustrie, mussen eis also, wat gewëssen Apparaturen a Material ubelaangt, am Ausland ravitailléieren.

An dowéinst ass dat heiten awer eng gutt Saach, dass mer och den eenheemesche Betreiber gegebenenfalls d'Méiglechkeet ginn, sief dat iwwert de GovSat oder hei zum Beispill, dass eben och d'NSPA vu Capellen d'Méiglechkeet kritt, hei eben Entretienaarbechten ze maachen. Et dierf ee jo net vergiessen, dass jo awer an deem Betrib ëmmerhi ronn 1.100 Leit schaffen.

Wéi gesot, ofschléissend, ass dat heiten e Projet de loi, dee mir als Demokratesch Partei ganz kloer begrëissen. Ech wëlt awer och nach dem Marc Angel en duebele Merci aussprechen. Ech hat vergiess virdrun, him scho Merci ze soe fir säin exzellente Rapport beim Gesetz iwwert d'Immigratioun, duerfir huelen ech dat elo hei no. An deen zweete Merci fir deen heite Rapport. Hien engagéiert sech ëmmer mat ganz vill Verve, an dat ass och wierklech flott, dass en dat ëmmer op esou eng interessant Aart a Weis mécht. Wéi gesot, d'Zoustëmmung vun der DP ass natierlech sécher.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Graas. A scho prett ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (d'ei gréng).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt natierlech och mäi Merci un de Rapporteur, deen en ausféierleche schrëftlechen an nach bal méi en ausféierleche mëndleche Rapport gemaach huet. An no all deene ville Militär- an NATO-Spezialiste wëlt ech mech e bësse méi kuerzfaassen.

Lëtzebuerg ass en NATO-Memberland. Mir kommen net derlaanscht, eise Baitrag ze leeschten. Mir kënnen als Gréng domat liewen, dass mer eise Baitrag fir d'NATO vun 0,4 op 0,6% vum PIB eropsetzen. Dat ass en Engagement vun der Lëtzebuurger Regierung um NATO-Sommet vun 2014 zu Wales an dat soll schrëttweis geschéie bis 2020. Da wëllt ech awer derbäisoen, dass mer als Land 1% vun eise RNB an d'Kooperatioun investéieren, an ech mengen, dass wier schonn eemoleg, dass mer esou ee Verhältnis hunn. Mir sinn houfreg dorobber!

Mat deemem Projet de loi erlaube mir eis, erlaube mir der Regierung, Satellittelekommunikationscapacités ze kafen, an dat loosse mer eis 120 Milliounen Euro kaschten, verdeelt op zéng Joer, vun 2016 bis 2026. Déi Capacités gi gebraucht, fir den NATO-Programm AGS lafen ze loosse. De Rapporteur huet relativ detailléiert erkläert, wat dat mat deem Programm op sech huet. Domat ginn Drone gesteuert, fir eng Buedemiwwerwaachung ze maachen. Dat kann een och zivill notzen, zum Beispill am Fall vun enger Naturkatastroph, mä dat ass awer natierlech an un éischter Stell een Investissement an d'Défense.

Mir hu schonn an e Satellitt investéiert, mir renovéieren den Härebiere, eng Investitioun, wou mer eis all eens sinn, dass se scho laang iwwerfällg ass. An déi Investissementer ginn all op deeselwechte Kont vun NATO-Militärbudget, genee wéi e gewëssene Prozentsaz vun Investissementer, déi mer um Findel maachen.

Mir fannen et logesch, wa mer probéieren, eis Engagementer op engem Gebitt ze realiséieren, wou mer eng Plus-value hei am Land kënnen hunn. Mir stellen eng Memberschaft vu Lëtzebuerg an der NATO net a Fro. Mir mengen, dass Lëtzebuerg eng wichteg Roll am Interesse vun der Mäsigung, der Diplomatie, dem Ofschafe vum Blockdenke soll a muss spillen. Mir erwaarden eis och an Zukunft, dass d'Lëtzebuurger Regierung sech asetzt fir manner Oprüstung, fir méi Kooperatioun a fir méi Preventioun.

Eng Memberschaft an engem Bündnis, dat eis Sécherheet garantéiert, ass nun emol net zum Nulltarif ze kréien, an duerfir bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu deemem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet direkt den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, villmools Merci. Ech fänken natierlech och u mat engem Merci un den Här Angel fir wierklech eng Fläissaarbecht, wéi hie se esou dacks an esou gutt mécht.

Et ass interessant fir eis, fir déi dräi Regierungsparteien hei hannereneen ze héieren. D'Demokratesch Partei, déi ass vun enger Begeescherung fir e militäresche Projet, schwätzt vu Royal Air Force a vun engem laangen Historique a vun engem volle Soutien fir d'NATO an esou weider an esou virun. D'Sozialistesche Partei, déi seet, a kengem Fall iergendeng Oprüstung vun der NATO. An als Rapporteur gëtt dorobber nach insistéiert! An déi gréng, déi kënnen esou just domat liewen, well et en Engagement vun der Regierung ass, dass do den Effort de défense e bëssen eropgeet. Dat ass net elo e Bild vun enger Regierung, déi voll hanner engem Effort de défense steet!

Et deet mer e bësse leed fir lech, Här Minister, dass Der mat enger esou hétéroclitter Équipe hanner lech awer probéiert, dann e Lëtzebuurger Effort de défense ze formuléieren. Dat ass sécher net esou einfach mat esou dräi Regierungsparteien, wéi mer se hei hunn.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense.** - Mir gi ganz gutt eens, Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat freet mech fir lech, Här Minister.

Et ass e Gesetz, wat ganz spéit an d'Chamber kënn, well de Projet ass vun 2012, mä e soll 2016 operationell ginn am Fréijor, an am Dezember 2015 kréie mer elo de Projet fir d'Acquisitioun an d'Chamber. Dat ass esou e bëssen, wéi mer et esou dacks hei vun deser Regierung gewinnt sinn, esou allerlescht Minutt. An d'nächst Woch hu mer jo nach eng Partie Projeten op eise Ordre du jour, dat sinn der lauter ënnert der Kategorie allerlescht Minutt. Eng gutt legislativ Aarbecht, déi kann ee wahrscheinlech och anescht organiséiere wéi dat, wat mer hei ënnert deser Regierung erliwien.

Et ass och e Gesetz, wat a senger Motivatioun voller Entschëllegung stécht. Et ass esou - an dat versteet ee jo och, wann een déi verschidde Parteien hei héiert -, dass do an der Motivatioun vun deem Gesetz, an deem Rapport, sech praktesch entschëllegt gëtt derfir, dass mer en Effort de défense leeschten.

Mä fir eis als ADR ass kloer, dass d'Défense e ganz normalen a souguer e ganz wichtige Deel ass vun der Politik vun engem Land. Et ass näischt, wou ee sech muss derfir entschëllegen. Am Géigendeel! Well et ass jo d'Aufgab vun enger Regierung, fir fir d'Sécherheet vun Land ze suergen. Dat ass näischt, wou ee sech muss derfir entschëllegen oder sech muss dofir verstoppen. Dofir ënnerstëtze mer och, dass den Effort de défense - mir sinn nach ëmmer déi Lescht...

(**Interruption**)

...mir sinn nach ëmmer déi Lescht an der NATO -, mä weinstens emol op 0,6% bis 2020 eropgeet. Mir fannen dat net méi wéi normal!

An och, wann do probéiert gëtt, fir dass méiglechst mann militäresch klengen ze loosse, da muss een awer wëssen, dass ass en Effort, deem AGS-Programm, deem ass haaptsächlech militäresch orientéiert. Dorunner ass näischt falsch, well ech mengen, och déi Evenementer a Syrien an op anere Plazen an der Welt weise jo, dass deen Effort de défense gemaach gëtt, well e Risiko besteet. An et ass, wéi gesot, eng normal Aufgab vun enger Regierung, fir sech dorëms ze këmmere.

Den Här Minister oder eis ganz Regierung soe jo och, den Effort de défense, dee soll ugerechent ginn, e soll profitéieren eiser nationaler Ekonomie. A mir hunn hei déi Konstellatioun, dass de Verdeedegungsminister gläichzäiteg Wirtschaftsminister ass. Dofir wollt ech den Här Minister froen, am Numm vun der ADR, wat hien dann elo gemaach huet an der Lëtzebuurger Présidence, fir déi Lëtzebuurger Ekonomie profitéieren ze loosse, well d'UE wëllt jo eng Capacité de défense.

Zejoert war e Sommet ëm des Zäit, wou geschwat ginn ass vu klengen a mëttleren Entrepreneuren, déi solle méi bedeelegt ginn un engem europäesche Verdeedegungsprojet. Wat huet déi Lëtzebuurger Présidence dann elo gemaach, elo wou mer d'Personalunion Verdeedegungs- a Wirtschaftsminister hunn, fir déi Lëtzebuurger Ekonomie méi un deem europäesche Verdeedegungseffort participéieren an och profitéieren ze loosse?

De Rapport seet, dass wär eng Ambitioun fir d'Arméi, eng nei Missioun, fir eng Joint Intelligence Surveillance Reconnaissance Capacitéit fir d'Arméi opzebauen. Dat klängt alles ganz schéin. Englesch ass eng schéi Sprooch, mä reflétéiert sech dass dann och an der Struktur vun der Arméi? Dass ass jo eigentlech déi Fro, déi mer eis mussen stellen.

Wann een déi Ambitioun wëllt entwéckelen, fir eng gewësse Spezialisatioun fir eis Arméi ze entwéckelen, dann ass eben d'Fro: Reflétiert sech dass an engem Budget, an enger Struktur, a Moyenen? Ass do méi derhannert wéi nëmmen eng verbal Deklaratioun, wann ee seet, mir hätte gär eng Spezialisatioun am Intelligence-Bereich, also am Opklärungsberäich?

A wann dat dann d'Ambitioun ass, da muss dat sech jo och reflétéieren an der Alimentiatioun vum Militärfong! Dass och iwwregens eng Observatioun gewiescht vun der Chambre de Commerce, déi absolutt justifiéiert ass, dass de Minister seet, wéi dee Fonds militaire dann an deenen nächste Jore soll gespeist ginn.

An et ass, soe mer emol, vläicht net eng Kontradiktioun, mä eng ganz komesch Situatioun, dass eigentlech déi Haaptcapacitéit oder eng vun den Haaptcapacités niewent AWACS, déi mer hunn am Opklärungsberäich, nämlech déi Fliger, déi mer bei Atalanta an och elo am Mëttelmeer asetzen, vu private Firms gelount ginn, wat eng ganz Rei vu legale Problemer mat sech bréngt, wann iergendeen Incident wär.

An d'Fro ass, wann dann elo wierklech déi Intelligence-Capacitéit soll zu enger Spezialitéit vun der Lëtzebuurger Arméi ginn, ob dann net esou en Appareillage, ënner eisou Méiglechkeeten, wéi d'Loftopklärung se eis gëtt, ob déi net da soll integréiert sinn an der Arméi notament, well mer och eng Composante aérienne souwisou hunn an der Arméi, wou eng legal Grondlag existéiert.

Da sinn och Saachen an deem Gesetz, wou ee muss sech Froen stellen. Mir hunn elo zum Beispill déi Satellittelecapacitéit, déi gëtt iwwert d'SES organiséiert. Dass heescht awer och fir eis als Land, dass d'SES, d'Buedemstatiounen vun der SES ëmmer méi eng „soft target“ gi mat enger militärescher Bedeitung. All Kéiers, wa mir iwwer LuxGovSat schwätzen, iwwer Satellittelecapacités oder iwwert dat hei, kréiere mer eng Plus-value vun der SES als militärescht Zill!





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,  
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Och dat ass eppes, wat mer musse wëssen, wa mer iwwert d'Défense nationale schwätzen, iwwert d'Missioune vun der Arméi oder och iwwert d'Missioune vun deene Firmen, déi concernéiert sinn, datt mer amgaang sinn, do- duerch, datt mer en Effort de défense leeschen, deen och Répercussionen op eis national Economie huet, datt mer dann och musse kucken, datt déi Installatioun sécher sinn, déi fir den Effort de défense vun der NATO wichteg sinn.

An deem Gesetz ass och gesot, datt mer eng Consultance solle bezuelen. An dat ass fir eis méi wéi erstaunlech. D'Direction de la Défense soll eng Consultance bezuelen an dann e Montant do négociéieren, an dee gëtt da matgedeelt. Mä do hu mer eis gefrot: Wéi vill Juriste schaffen da beim Lëtzebuenger Stat? Brauche mir wierklech eng Consultance externe?

Well am Gesetz oder am Rapport, dem Här Angel sengem Rapport heescht et, datt déi Consultance externe do wär, fir ze vérifiéieren, datt de Kontrakt konform zu der Lëtzebuenger Gesetzgebung wär. Am Prinzip misst all Affekot dat do kënnen, all Jurist misst et kënnen! Mir hu wahrscheinlech Honnerte vu Juriste beim Lëtzebuenger Stat. Firwat brauche mir eng Consultance externe, fir ze kucken, ob e Vertrag konform ass zu der Lëtzebuenger Legislation? Dat si Saachen, wou mer eis Froe stellen, wa mer dat gesinn, a wou mer frou wären, fir Antworten ze kréien.

Genausou wéi mer eis musse Froe stellen iwwert d'budgetär Prozeduren. Dir kennt, huelen ech un, déi Diskussion, ob et richteg ass, fir en Engagement iwwer zéng Joer iwwer 120 Milliounen einfach iwwert dëst Gesetz ze huelen oder ob mer net hätte missen, aus konstitutionellen oder budgettechnesche Grënn, eng Loi spéciale huelen, déi dat étaléiert, fir dem Stat ze erlaben, iwwer esou eng Period iwwer esou eng Zomm ze verfügen.

Dat si wichteg Froen, well mir wëlle keng Präzedenzfäll schafen! Mir wëllen, datt déi Autoritéit vum Parlament voll erhale bleift, am Prinzip och d'Annuitéit vum Budget voll erhale bleift. A wa mer dann iwwert deen heite Wee ginn, da musse wéinstens déi do Froen iwwert d'Legalitéit vun der Démarche awer och an engem Exposé, an engem Projet musse se...

#### (Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ass net fir lech.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass net fir mech, mä ech kommen awer zum Schluss, well ech schëllen lech nach eng Minutt vu vir- drun. Dann huelen ech déi elo hei erëm eran.

Mä op jidde Fall, dat sinn eigentlech déi Froen, déi mer elo der Regierung wollte stellen. An ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. A leschte Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci, Här President. Virun engem Joer genau - ech mengen, et war och en 10. Dezember; ech weess net, ob eng Käerz fir d'Mënscherechter deemools schohn hei stoung - hu mer hei e Gesetz gestëmmt iwwert de Kaf, de Lancement an d'Exploitation vun engem militäresch-politesche Satellitt, wéi et geheescht huet, dee sougenannte GovSat. Haut stëmme mer e Kredit fir den Opkauf vu Kanäl um Satellitt fir NATO-Militärdronen, als Bäitrag zum Militäreffort vun der NATO.

Dat hei ass awer fir eis net en einfachen technesche Projet mat ekonomesche Retombéen.

Ech mengen, besonnesch an där Zäit, wou mer liewen, muss een all Militärausgab och besonnesch ënnert d'Lupp huelen an am Kontext gesinn. Well ech mengen, dass d'aktuell Situation eppes androcksvoll beweist, an zwar ass et dat, dass mat militäresche Mëttelen, éisch- tens, keng Problemer geléist kënne ginn, mä au contraire, dass d'Problemer nach kënne verstärkt ginn! Well wann dat net esou wier, da wieren d'Problemer laang am Mëttleren Oste geléist, zënter dem Irak-Krich vun den USA.

An ech mengen och, dass de Syrien-Krich ebe just en aktuell Beispill ass, wat fir Gefore kënne vun enger Krichsstrategie ausgoen. Loosse mer eis dach emol virun Ae féieren, wat de Moment a Syrien geschitt, Dir Dammen an Dir Hären!

A Syrien si véier vu fënnf permanente Membere vun UNO-Sécherheetsrot, d'USA, Russland, Frankräich, Groussbritannien, alle- guerten Atommächten, déi do intervenéiere mat schwéierem Krichsmaterial, virun allem aus der Loft. Si intervenéieren do mat onklaren an deelweis widderspréngleche Krichsziler, wat jo net grad eng beschte Viraussetzung ass, fir e Krich ze féieren, ënner anerem ënnert engem Begrëff, an zwar dem „Kampf géint den Terroris- mus“.

Elo ass et awer esou, dass deem enge seng Terroristen anerer si wéi deem anere seng Terroris- ten, wat iwwregens och weist, wéi onbrauch- bar a wéi eminent politesch an deenbar de Begrëff „Terrorismus“ u sech ass. Déi eng wëllen den „regime change“ a Syrien, déi aner wëllen de Regim halen. E Regimm, dee selwer och Terror iwwregens ausüübt géint déi eege Bevöl- kerung!

Déi eng hunn Alliéierten, déi de Regimm wëlle stierzen, déi aner hunn der, déi de Regimm wëllen halen. Ënnert deenen Alliéierten ass och e grousst NATO-Land, d'Türkei, wat schonn e militäreschen Zesummestouss hat mat engem UNO-Sécherheetsmember, Russland, ebe just wéinst deenen ënnerschiddlechen Ziler. Dat war keen lertum, mä dat ass, well déi zwee Länner, déi do engagéiert sinn, ënnerschid- dlech Ziler hunn!

Theoretische Géigner vun all de Krichsparteien ass zwar eng maféis Mäerderband, IS oder Daech genannt, déi awer gläichzäiteg Handel mat der Türkei dreift a bis un d'Zänn arméiert ass duerch de Waffenarsenal, dee se kritt huet aus der Opléisung vun engem anere Stat, dem Irak, wat e Resultat war vun engem aneren „re- gime-change“-Krich.

Ënnert den Alliéierte sinn och dubios, awer offi- ziell unerkannt Kalifater; ech nenne se net hei mam Numm, mer hunn diplomatesch Bezéiun- gen zu deenen, aus deenen de Pétrol kënnt. An déi Länner hunn den IS laang ënnerstëtzt. Vlächet ënnerstëtze se en haut nach bei sengen Efforten, fir e weidert Kalifat a Syrien oder am Irak opzerichten.

An dann ass nach d'Kurdefro am Hannergrond, déi erëm d'Türkei ënnerscheet vun hire west- lechen Alliéierten. Et ass also näischt einfach an deem Krich!

An et misst een op d'mannst awer d'accord sinn, dass mat Bombardementer aus der Loft keng Problemer ze léise sinn op där Plaz an dass déi ganz Situation, an déi mer do erage- schliddert sinn, en Échec ass ebe just vun den Efforten, mat reng militäresche Mëttele Léisun- gen erbäizeféieren am Irak.

Ech wëll hei net vu Potenzialitéite schwätzen, fir en eventuelle Weltkrich auszeléisen. Ech mengen net, dass dat d'Situatioun ass. Mä ge- féierlech ass et, a ganz geféierlech! An ech mengen och, dass een dat muss hei erwänen

an deem Kontext an dass dat eis och misst zu Froen Ulass ginn, wa mer esou ee Projet wéi deen heite stëmmen.

Éischstens stellt sech d'Fro vum Völkerrecht: Wien definéiert, wat wou ze maachen ass? Sinn et d'USA a Groussbritannien zum Beispill, déi decidéiert hunn, wat am Irak ze maachen ass? Ass et Russland, wat decidéiert, wat an der Ukrain ze maachen ass? Ass et Frankräich, wat decidéiert, wat a Libyen oder a Syrien ze maa- chen ass? Oder ass et net d'UNO, déi misst Dé- cisionen huelen, opgrond vun Texter, déi fir alleguerte gültig sinn? A wann et déi Texter net gëtt, musse se nach ausgeschafft ginn.

Mir fäerten, dass duerch dat, wat déi lescht Zäit geschitt ass, d'UNO op den Niveau vun der Société des Nations virum Zweete Welt- krich zrëckgefouert ginn ass. An um Wierk sinn haut deelweis déiselwecht Imperialmächten, déi fir den Éischte Weltkrich zoustänneg waren!

An dat an engem sozialekonomesche Kontext, Här President, an Europa, deen un d'30er Joren erënnert, a mat Flüchtlingsstréim, déi sech aus der Destrukturierung vu ganze Länner erginn, net nëmmen duerch Kricher wéi a Syrien, mä och duerch wirtschaftlech Destrukturierung iwwer Fräihandelsaccorden, wéi an Afrika.

Zweetens stellt sech ganz kloer, a mir sinn hei am NATO-Kontext, d'Fro vun de Bündnisstruk- turen. Wéi séier kann een an e Krichsfall erage- roden? Mir hunn en NATO-Bündnispakt mat der Türkei. Et ass jo net auszedenken, wat géif geschéien, wa géif dee Konflikt mat Russland do eskaléieren! Mir hunn eng Bündnispflicht an der NATO.

A mir hunn och neierdénge eng Bündnispflicht innerhalb vun der EU, déi Frankräich mobili- séiert huet déi lescht Zäit, a wou de Minister och zougesëmmt huet, fir dat zouzesécheren. Et ass fir d'Éischt, wou dat gefrot ginn ass. Ech fannen iwwregens, dass ongerechtfertegeter- weis op deem Artikel mobiliséiert ginn ass. Den IS ass kee Stat. Mir sinn net am Krich mat engem Stat. Trotzdeem spillt hei de Bündnis- fall.

Ech sinn och der Meinung, dass d'EU kee Mili- tärpakt ass a kee Militärpakt därerf ginn! Trotz- deem si mer gehalen, opgrond vun enger Klau- sel vum EU-Vertrag, wou mer selwer nach net d'Ausmooss dovou wëssen. Mir sollen d'nächst Woch jo Opschloss doriwwer kréien an enger Sitzung vun der ausepolitescher Kommissioun.

Drëttens stellt sech, mengen ech, d'Fro vum militäresch-industrielle Komplex. Dat ass en Ausdrock, deen de President Eisenhower an den USA an de 50er Jore gebraucht huet, andeems en Amerika gewarnt huet virun, an d'Ofhängegkeet ze kommen tëschent dem Ze- summespill vu Militär a Groussindustrie. Dat ass vum Eisenhower!

An ech mengen, dass déi Fro sech och stellt haut an der EU, an zwar duerch de Lissabon- Vertrag, deen en héijen Niveau vu militärescher Kooperatioun virgesäit. An et sinn och Beschlëss geholl gi virun engem Joer ongeféier, déi wëllen d'europäesch Rüstungsindustrie als Weltpol ausbauen an déi och eng Synergie fuerderen tëschent militäreschen an ziville Be- räicher. An dat ass e bëssen och, wat mer hei maachen, Här President.

Do ass also en neie militäresch-industrielle Komplex an Europa, deen amgaang ass, ze entstoen. A läit et do net op der Hand, dass déi militäresch a politesch Interesse Syrien benot- zen als en Testfeld fir nei Waffensystemer? Grad- esou wéi d'USA dat maachen, gradesou wéi Russland dat mécht, gradesou wéi déi Länner alleguerten, déi doranner implizéiert sinn.

Et ass also an deem Kontext, wou mer dee Pro- jet hei diskutéieren. Dat, wat mer hei solle stëmmen, dat ass en héich technologeschen integréierten Deel vun engem Waffesystem. NATO-Opklärungsdrone, dat steet och am Bericht ganz kloer dran, ginn aktiv virun, während an no Waffegäng. Duerfir kann een dat hei net nëmmen als eng gutt ekonomesch Ok- kasioun hei diskutéieren.

Kann een elo nach soen, Lëtzebuerg hätt keng Krichsindustrie? Ech mengen net! Dronen, och Opklärungsdrone si jo näischt Harmloses. Et gehéiert zum Krich. Opklärung gehéiert zum Krich. An et ka krichsrechtlech diskutabel sinn, besonnesch wann Ziler domadder herausgesicht a viséiert ginn, déi fir Aktiounen hienhalen zum Beispill, déi géint d'Krichsrecht verstoussen!

Dat ass näischt Theoretisches. Kundus war zum Beispill esou een Zil, an et ass zu Recht, dass mer hei eng Motioun gestëmmt hunn, wou mer Opklärung iwwert dee Bombarde- ment vun deem Spidol do verlaangt hunn. An och wann zivillrechtlech d'NATO soll fir de Schued opkomme vun deenen Dronen, geet awer den Uerder leschten Enns iwwer eise Sa- tellitt. Et ass och e puermol d'Fro opgeworf ginn, wat fir Apparater soss nach kéinten diri-

géiert ginn iwwert de GovSat oder och iwwer aner SES-Satellitten.

Mir stëmmen dofir géint dee Projet hei - dat wäert keng Iwwerraschung si fir lech -, well en eis besonnesch zu deem Zäitpunkt internatio- nal zu engem geféierleche Moment op eng Aart a Weis positionéiert, déi net am Interessi vun eisem Land ass an déi ze verwerfen ass!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an d'Wuert huet elo direkt den zou- stännege Minister, den Här Etienne Schneider.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Dé- fense.**- Merci, Här President. Fir d'Alleréischt wëllt ech dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport Merci soen, awer och der Kommis- sioun fir déi reibungslos Zesummenaarbecht, wat deen heite Projet ugeet.

Et ass virun ugeklongen, dat hei ass deen zweeten Deel vum Projet AGS, woubäi deen éischten Deel dra bestanen huet, fir zesumme mat 15 anere Länner Observationsdronen ze bestellen. Dat ass e Projet, deen nach an d'Vir- gängerregierung fält. An an deem Projet, an deem zweete Projet geet et ëm en Engage- ment, dat Lëtzebuerg zu Wales um NATO- Sommet geholl huet, fir déi noutwendeg Satel- littecapacitéit zur Verfügung ze stellen, der NATO zur Verfügung ze stellen, fir déi Observa- tionsdrone kënnen ze bedéngen.

Dës Dronen, déi bestallt jo sinn, sollen 2016 geliwwert ginn, müssen also bis dohin och déi néideg Capacitéite kréien, Satellittecapacitéite kréien, fir kënnen ze funktionéieren. Dofir sinn ech och dankbar, dass mer dee Vott vun deem Projet haut nach kënne maachen, fir rechtzäiteg prett ze sinn, fir dat do kënnen ze maachen.

Ech wëllt net méi op d'Detailer vum Projet agoen, well de Rapporteur huet dat exzellent gemaach an och déi Riedner duerno hunn op Detailer higewisen. Ech wëllt just nach op ee Punkt eng Kéier vlächet zrëckkommen - an da kommen ech awer och op déi verschidde Froen nach eng Kéier zrëck -, dat ass de Fait, dass mer zu Lëtzebuerg jo en Engagement hu vis-à- vis vun der NATO, fir eisen Effort de défense an d'Luucht ze setzen, vun 0,4% op 0,6%.

Domat si mer, an dat ass viru gesot ginn, nach ëmmer déi, déi am allerannste bäidroen zur Sécherheet an der Europäescher Unioen. Mir leien am Moment eppes Klenges iwwer 0,4%. Déi aner Länner leien all ëm 1%, 1,5%, 2%, souguer driwwer. An d'Zil bei der NATO ass, dass all Memberland mindestens 2% vu sengem PIB fir d'Défense ausgëtt. Also, et kann een net onbedéngt behaupten, mir géifen hei eis milita- riséieren. Mir probéiere mat eisem Engagement, mat engem seriösem Engagement, eis Responsa- bilitéit ze huelen. Mä, wéi gesot, 0,4% respektiv 0,6% ass nach wäit vun deem, wat all déi aner Länner fir eis Sécherheet ausginn.

Wat mer awer probéieren, dat ass, wa mer déi Suen do scho müssen ausginn, dat ass jo all Joers dann e Betrag vun esou vill honnert Mil- liounen, da probéiere mer ebe just déi Suen esou auszeginn, dass se och e Retour économi- que op Lëtzebuerg hunn. Dofir hu mer eng Rei Projeten definéiert, an déi investéiert gëtt an deenen nächste Joren a wou mer och schonn amgaang sinn. Zum Deel a Projeten, wéi den Härebiere ze renovéieren, wat mat Sécherheet jo e pazifistesche Projet ass, deen awer eng ronn 100 Milliounen wäert kaschten a wou d'Suen integral am Land wäerte bleiwen, well et dem Handwierk an dem Bau wäert Kontrak- ter verschafen.

Da wësst Der, dass mer d'Pisten, d'Landepisten um Findel müssen nei maachen. A well de Fin- del en NATO-Flughafen ass, probéiere mer och do e gudden Deel vun deem Investissement, dat mer souwisou musse maachen, als Effort de défense am Kader vun der NATO dann och ze deklaréieren.

Mir hunn de Projet LuxGovSat virun net allze Laangem hei gestëmmt, wat e Projet ass, wou d'SES zesumme mam Stat zesummen dran ass, wat och en direkte Retour économique dann op Lëtzebuerg huet. Mir hunn de CAE Aviation, wou mer viru Kuerzem zu Sigonella waren, wou mer am Programm EUNAVFOR MED mat- maachen, wou mer en Observationsflieger zur Verfügung stellen. Och eng Firma, déi hei zu Lëtzebuerg ass, wou d'Suen also integral an eng Lëtzebuenger Entreprise fléissen.

An elo deen heite Projet AGS, wou mer et och esou maachen, dass déi Satellittecapacitéite wuel bei der SES kaaft ginn ass, mä dass mer





als Zwëschenhändler, wann ech dat esou sa-  
lopp dierf soen, LuxGovSat agesat hunn.

Dat heescht, och hei hu mer e méifache Win-  
win, aus deem einfache Grond, well déi inte-  
gral Zomm vun deenen 120 Milliounen Euro,  
ëm déi et hei geet, wäerten zu Lëtzebuerg  
ausgi ginn. Zum Deel bei LuxGovSat selwer,  
zum Deel bei der SES, wou de Stat an deenen  
zweu Gesellschaften Aktionär ass.

Dat heescht, mir hunn e Retour économique  
am méifache Sënn, op där enger Säit duerch  
d’Dividenden, déi mir aus deene Gesellschafte  
kréien, duerch den Emploi, dee geschaf gëtt,  
duerch d’Steieren, déi bezuelt ginn. Et ass also  
en intelligent Verbanne vum Retour écono-  
mique mat dem Effort de défense.

Ech wëll awer dann nach zum Schluss op e  
puer Froen agoen, déi mer gestallt gi sinn.

Vum Här Halsdorf ass gefrot ginn, ob de Loft-  
raum, ob de Problem vum Loftraum gekläert  
ass, wann de Projet soll 2016 ulafen.

Et ass esou, dass Italien sech engagéiert huet,  
dat alles ze klären, wat d’Zertifikatioun an d’In-  
tegratioun an de Loftraum ugeet, bis de Projet  
soll ulafen. Dat misst also alles klappen.

Ob d’Dronen arméiert kënnen ginn. Dat ass net  
méiglech, well et Observatiounsdrone sinn a se  
just fir deen Zweck gebaut ginn.

Firwat nëmme 15 Länner an deem Projet mat-  
maachen: Ech mengen, dat ass awer eng rela-  
tiv üüblech Saach, dass sech e Cluster vu Län-  
ner bilt, déi an deen een oder anere Projet in-  
vestéieren. Sou wéi mir elo an deen heiten in-  
vestéieren, investéiere mer an anerer net. Vun  
dohier ass dat näischt Aussergewöhnlech.  
Datselwecht gëllt, firwat d’Belsch an Holland  
an deem heite Projet net derbäi sinn.

Dir hutt och gefrot, Här Halsdorf, ob mir déi  
Eenzeg sinn, déi Satellitcapacitéiten zur Ver-  
fügung stellen. Et ass esou, dass mir fir déi Va-  
leur vun 120 Milliounen während zéng Joer elo  
déi Capacitéiten zur Verfügung stellen, mä dass  
d’NATO awer insgesamt fir 250 Milliounen  
Euro Capacitéite brauch. An dat si Capacitéi-  
ten, also déi, déi mir proposéieren a liwweren,  
dat si KU-Band-Capacitéiten. An d’NATO keeft  
de Rescht bei aneren Ubidder.

Bon, ech mengen, mat dem Retour économi-  
que hunn ech dem Här Kartheiser zum Deel op  
seng Fro geäntwert. Et ass awer och esou, dass  
mer während der Présidence zwee Seminären  
hei zu Lëtzebuerg organiséiert hunn, wou mer  
probéiert hunn, eis Satellitcapacitéiten ze ver-  
kafen. Dat heescht, mir hunn d’NATO-Partner  
invitéiert. Mir haten eng ganz Rei Experten aus  
dem Ausland, aus deene verschiddeene Partner-  
staten, déi sech extrem interesséiert hu fir dat,  
wat mir d’Fäegkeet hunn, ze maachen, sief et  
iwwer LuxGovSat, sief et iwwer SES. Mir hunn  
also probéiert, do während der Présidence Re-  
klamm fir eis ze maachen.

Mir hunn och en anere Seminär gehat iwwert  
d’PPPen an der Verdeeegungsindustrie - och  
dat eng Konferenz, déi gutt besicht war. Mir  
hunn awer och eng Rei Visitten organiséiert,  
sief dat bei der Cargolux, fir Transportcapacitéi-  
ten an Zukunft kënnen op aner Partnerstaten  
ze verkafen, sief dat bei SES oder LuxGovSat, fir  
Satellitcapacitéiten ze verkafen.

Bei deem, wat Der gefrot hutt zur Consultance,  
ass et esou, dass dee gréissten Deel vun där  
Consultance technesch Consultance war, aus  
deem einfache Grond, well dat do extrem spe-  
zifesch Sujete sinn a mer déi net einfach esou  
am Ministère sëtzen hunn, Leit, déi dorobber  
spezialiséiert sinn. Dat ass also, mengen ech,  
en normalen Émstand, dass mer eis déi Consul-  
tance vu bause geholl hunn.

An dann hutt Der nach gesot, dass d’SES do-  
duerjer, dass se déi Capacitéiten do zur Verfü-  
gung stellt, eventuell en Target kënn si fir en  
Üschlag. Dat ass mat Sécherheet net ausze-  
schléissen, dass esou e Risiko besteet. Mä esou  
e Risiko hu mer awer och op anere Plazen. Ech  
erënneren un d’europäesch Institutiounen um  
Kierchbiere, och dat ass e possiblen Target fir  
een, deen zum Beispill der Europäescher  
Union wëllt schueden. Ech mengen, vun do-  
hier kann een esou e Risiko, esou e Reschtrisiko  
ni ausschléissen. Dat ze behaapte wär falsch.

Voilà, dat gesot, soen ech lech nach eng Kéier  
e ganz grouse Merci fir déi gutt Kollabora-  
tioun an deem doten Dossier.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci  
och dem Här Minister. A mir kënnen dann  
direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi  
6852 iwwergoen.

Sommaire des séances publiques n <sup>os</sup> 8, 9 et 10	
<b>8<sup>e</sup> séance</b>	
Ouverture de la séance publique	p. 116
Interpellation de M. Gast Gibéryen sur le futur développement du pays	p. 116-125
6778 - Projet de loi relatif à la construction d’un Centre national d’incendie et de secours et autorisant l’État à participer au financement des travaux y relatifs	p. 125-129
<b>9<sup>e</sup> séance</b>	
Ouverture de la séance publique	p. 130
Communications	p. 130
Ordre du jour	p. 130
Heure de questions au Gouvernement	
- Question n°145 du 9 décembre 2015 de M. Claude Wiseler relative à la proposition de constituer un groupe des petits pays européens dont la population est inférieure à un million d'habitants dit le «G9», adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d’État	p. 130
- Question n°146 du 8 décembre 2015 de M. André Bauler relative à l’engagement d’art-thérapeutes au sein de l’Éducation nationale, adressée à M. le Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse	p. 130-131
- Question n°147 du 8 décembre 2015 de Mme Cécile Hemmen relative au manque présumé de titulaires assurant les cours sportifs de la LASEP, adressée à M. le Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse	p. 131
- Question n°148 du 9 décembre 2015 de M. Gast Gibéryen relative au service oncologie du Laboratoire National de Santé, adressée à Mme la Ministre de la Santé	
et	
Question n°149 du 9 décembre 2015 de Mme Martine Mergen relative à la confusion d’échantillons de biopsies mammaires au sein du Laboratoire National de Santé, adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 131-132
- Question n°150 du 9 décembre 2015 de Mme Josée Lorsché relative à la directive ayant pour but de porter à 40% la part du sexe sous-représenté dans les conseils d’administration des entreprises cotées en Bourse, adressée à Mme la Ministre de l’Égalité des chances	p. 132
- Question n°151 du 9 décembre 2015 de Mme Martine Hansen relative au service d’intervention d’urgence par voie d’hélicoptère, adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 132
- Question n°152 du 9 décembre 2015 de M. Max Hahn relative à l’accord avec l’ACEL sur les modifications des bourses étatiques pour études universitaires, adressée à M. le Secrétaire d’État à l’Enseignement supérieur et à la Recherche	p. 132-133
Ordre du jour (suite)	p. 133
6718 - Projet de loi modifiant, en vue de la transposition de la directive 2013/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013 relative aux états financiers annuels, aux états financiers consolidés et aux rapports y afférents de certaines formes d’entreprises, modifiant la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil et abrogeant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil:	
1) la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;	
2) le titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;	
3) le titre II du livre I <sup>er</sup> du Code de commerce	p. 133-134
Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la restructuration de l'Entreprise des Postes et Télécommunications et notamment de la présence des bureaux de poste	p. 134-137
6858 - Projet de loi concernant l'échange automatique de renseignements relatifs aux comptes financiers en matière fiscale et portant	
1. transposition de la directive 2014/107/UE du Conseil du 9 décembre 2014 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal;	
2. modification de la loi modifiée du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal	p. 137-139
6911 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2014	p. 139-140
Résolution concernant les comptes de l'exercice 2014 de la Cour des Comptes	p. 140
6911 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2014 (suite)	p. 140
<b>10<sup>e</sup> séance</b>	
Ouverture de la séance publique	p. 141
6779 - Projet de loi	
1. relative à la protection internationale et à la protection temporaire;	
2. modifiant	
- la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat,	
- la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration,	
- la loi du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;	
3. abrogeant la loi modifiée du 5 mai 2006 relative au droit d'asile et à des formes complémentaires de protection	p. 141-148
Débat d'orientation sur le deuxième rapport relatif à l'application de la loi du 16 mars 2009 relative aux soins palliatifs et sur le troisième rapport de la Commission nationale de contrôle et d'évaluation de l'application de la loi sur l'euthanasie	p. 148-155
6852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir des capacités de communications satellitaires au profit du programme «Alliance Ground Surveillance» (AGS) de l'OTAN	p. 155-158

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6852 et dispense du second vote constitutionnel**

De Vott fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d’Procuratiounen.

D’Ofstëmmung ass elo eriwwer. Mir hu 54 Participatiounen um Vott, 52-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 6852 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6852 est adopté par 57 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Paul-Henri Meyers), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Emile Eicher), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Gilles Roth), M. Paul-Henri Meyers, Mme

Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Marc Angel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d’Chamber bereet, fir d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm a mir gesinn eis d’nächst Woch erëm fir d’Bud-  
getsdiskussiounen.

Ech soen lech Merci.

**(Fin de la séance publique à 19.20 heures)**